N°2792
Entrée le 16.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2792 vum 19. August 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierten freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro ob et Etuden oder Iwwerleeunge ginn, déi eng Upassung vun de Vitesslimitatiounen an den Autobunnstunnelle virgesinn an ob eng méi héich Limitatioun aus Sécherheetsgrënn net ze recommandéieren ass.

*Fro 1: Ginn et Etuden déi beleeën, dass eng méi héich Vitesse-Limitatioun an de betreffenden Tunnellen aus Sécherheetsgrënn net ze recommandéieren ass?*

An dësem Kontext sief als éischt ze betounen, dass déi aktuell maximal erlaabte Vitess an den Tunnellen, déi och esou signaliséiert sinn, nom Artikel 139 aus dem Code de la Route op 90 Kilometer an der Stonn limitéiert sinn. Och sief drop higewisen, dass d'Tunnelle konform zu den internationale Standarde konzipéiert sinn an deementspriechend op déi aktuell Vitesslimitatiounen ausgeluecht sinn.

Am Kader vun enger rezenter Risikoanalys zum Tunnel Markusbierg op der Autobunn A13 – wou och Streckeradaren zum Asaz kommen – gouf am Kontext vun der Effikassitéitsanalys vun de besteeënde Kompensatiounsmoossnamen (d.h. Moossnamen oder Mechanismen, déi implementéiert ginn, fir d'Risike vun engem Accident ze reduzéieren oder seng Konsequenzen ze limitéieren) berechent, dass duerch eng Reduktioun vun der Vitess vun 90 op 70 Kilometer an der Stonn am Tüb a Richtung Däitschland net nëmmen déi potentiell Unzuel vun den Accidenter zeréck geet, mee och d'Ausmooss vun dësen däitlech ofhëlt.

Konkret entsprécht dëst enger Risikoreduktioun vun engem Accident vun zirka 38%.

Et ass deemno dovun auszegoen, dass eng Erhéijung vun der maximal erlaabter Vitess (>90 km/h) an eisen Autobunnstunnellen och zu enger Erhéijung vum Risiko vun engem Accident féiere wäert.

*Fro 2: Ginn et beim Ministère Iwwerleeungen déi eng Adaptéierung vun dëser Vitesse-Limitatioun an den 3 betreffenden Tunnellen, mee och allgemeng do wou et méiglech ass an allen aneren Autobunnstunnellen, virgesinn (sief et no ënnen oder no uewen)? Falls net, aus wéi enge Grënn gëtt esou eppes net envisagéiert?*

Et gi keng Iwwerleeungen déi aktuell Vitesslimitatioun an den 3 vum Här Deputéierte genannten Tunnellen ze adaptéieren.

Eng Vitesslimitatioun „no ënnen" an den Autobunnstunnelle gëtt aktuell dynamesch applizéiert soubal en Tëschefall am Tunnel detektéiert gëtt oder Aarbechten am Tunnel realiséiert ginn.

Eng Vitesslimitatioun „no uewen“ an den Autobunnstunnellen ass net ze recommandéiere mat Verweis op d’Äntwert op déi éischt Fro.

Lëtzebuerg, den 16. September 2025

D’Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes